N° 280
Entrée le 18.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 18te November 2025 wéilt ech dem Minister fir Finanzen eng mëndlech Fro stellen.

Eis Wirtschaft ass matten an enger grousser Ëmstrukturéierung, bedéngt duerch d'kënschtlech Intelligenz (KI). Vill gréisser Firme setzen elo schonn op KI a spueren domadder bei administrative Prozeduren oder Analyse vill Aarbechtsstonnen. Am Budget fir 2026 rechent d'Regierung mat enger Entwécklung vu just 1% pro Joer bei den Aarbechtsplazen. Et kéint also mëttelfristëg zu manner Wuesstum bei der Akommessteier kommen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi plangt d'Regierung de Manner u Steierrecetten, deen duerch d'KI bedingt ass, an den Staatsfinanzen ze kompenséieren?

Ginn aktuell Pisten analyséiert, fir Robotersteieren oder Automatiséierungssteieren (z.B. op automatesch Keessen) anzeféieren, fir méi Steierrecetten ze schafen ouni d'Aarbecht méi mussen ze besteieren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés